



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de l'Environnement, du Climat  
et du Développement durable

**Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°5520 vum 19. Januar 2022 vun dem éirewäerten Deputéierten Här Fred Keup iwwert "Frais liés à la pollution des cours d'eau suite aux inondations de l'été 2021"**

- 1. Wéi ass déi Decisioun motivéiert, fir net tëschent dem Prinzip vum "pollueur-payant" an engem "cas de force majeure" ze ënnerscheeden? Ass un eng zäitno Gesetzesännerung geduecht?**
- 2. Geet d'Madamm Minister dovun aus, datt eng Prioritisierung vun der Entsuegung vum Knascht onofhängeg vun der Fro vum Proprietär, eng administrativ Vereinfachung géif duerstellen, déi et bei zukünftigen Héichwaassergéif erlaben, eis Flëss méi séier ze botzen, wéi dat aktuell de Fall war?**

D'Decisioun d'Flëss an d'Baachen sou séier wéi méiglech propper ze kréien no dem Héichwaasser vum Juli 2021 ass wichteg fir bei engem weidere Wiederphänomen déi néideg Duerchgängegkeet ze garantéieren. Oft handelt et sech dobäi ëm Stécker, déi net méi kënnen spezifesch zougeuerdnet ginn. D'Käschten déi dobäi entstinn, ginn dann un de respektive Propriétaire weider verrechent, falls et méiglech ass deen ze identifizéieren.

- 3. Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi héich d'Käschte waren, fir déi eenzel Proprietären ze identifizéieren an ze kontaktéieren a wéi vill Entsuegungskäschten ob där anerer Säit agespuert goufen?**

Nee. Bis lo goufen och nach keng Käschte weider verrechent.

- 4. Musse Leit, déi hire Knascht noweislech express an öffentlech Gewässer geheien, nieft den Entsuegungskäschte mat weidere, strofrectleche Sanktioune rechnen? Wa jo, wéi eng sinn dat? Wann net, firwat net?**

Den Artikel 42 vum Offallgesetz (*Loi du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets*) verbitt dat express Geheie vu Knascht an öffentlech Gewässer (Littering). Dëst kann mat enger Geldstrof vu bis zu 1000 Euro bestrooft ginn. Ausserdem gesäit de "*Règlement grand-ducal du 18 décembre 2015 relatif aux avertissements taxés déterminant les modalités d'application de l'avertissement taxé et établissant un catalogue des contraventions soumises à l'avertissement taxé prévu par la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets*" a sou Situatiounen een Avertissement taxé vu bis zu 250 Euro vir. Et ass och dorop hinzewiesen, dass de "*Projet de loi n°7659 modifiant la loi modifiée du 21 mars 2012 relative aux déchets*" eng Erhéijung vun de strofrectleche Sanktioune virgesäit.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2022  
(s.) Carole Dieschbourg  
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung